

Da wollt ech nach eppes zu de Sprooche soen. Eis huet et wichteg geschéngt an deem Text ze soen, wat d'Sprooche vun der Schoul sinn. Dat sinn also Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Dat heescht jo net, dass aner Sproochen net an der Schoul enseignéiert ginn, mä dat sinn déi Langues véhiculaires déi mer an der Schoul benotzen a vun deene mer ausginn, dass da jiddweree se och léiert, dass hie se léiert an dass hie se dann och op verschiddenen Niveaué maîtriséiert.

Emmer erém kënnt dann d'Diskussiou op, ob mer solle francophone Klassen oder eng Alphabetisatioun op franséisch maachen. Ech wëll just soe wou mer sti a wat ech fir mech, also fir dee Ministère, fir meng Aufgab hei iwwerholl hunn.

Mir hunn émmer gesot, an et ass och am Plan d'action „Langues“ festgehalen, dass mer op d'Mehrsproochekeet an eisem Schoulsystem halen. Mir hätte gären, dass d'Kanner, déi zu Lëtzebuerg an d'Schoul ginn, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch léieren, mä mer wëllen net vun hinnen alleguer verlaangen, dass se an all Domän vun der Sprooch deeselwechten Niveau errechen.

Duerfir hu mer jo de Plan d'action „Langues“, wou mer soen, mer deelen eng Sprooch op a véier Domäner, dat ass dat Passiwt, also d'Verstoer, verstoe wann ee schwätz, verstoe wat ee liest, an dann dat Aktiwt, dat heescht schwätzten a schreiwen. A mir hätte gär, dass jiddwereen, all Kand an der Schoul déi Kompetenzen huet, mä op verschiddenen Niveauen, déi eng méi an déi aner manner. Et ass émmer vill vu Projete vun Alphabetisierung op franséisch geschwat ginn. Bis elo ass eng Kéier virun e puer Joer een ugesat ginn, deen ass ni evaluéiert ginn an huet erém opgehalen.

Elo huet „Eis Schoul“, dat wëll ech awer ausdrécklech soen, eigentlech a senge méigleche Missiounen ze kucken, wéi mer an enger anerer Sprooch alphabetiséiere kënnen. An do hätte mer jo dann och déi scientifique Begleedung vun der Uni Lëtzebuerg, déi jo dobäi Partner ass, fir Erkenntnisser ze kréien, wéi mer dat da kéinte maachen.

Ech wëll just all déi Leit, déi hei soen, wéi einfach dass dat alles ass, drop hiwiesen, dass eigentlech dat Zil do, dass jiddwereen an der Lëtzebuerg Schoul soll Sprooche léieren, an nach wa méiglech esou vill anerer wéi méiglech, Englesch a Portugiesch an Italienesch a Spuenesch an all déi aner Sproochen, dass mer dat Zil eigentlech fir déi Kanner, déi vun Ufank un an d'Lëtzebuerg Schoul ginn, relativ gutt errechen, wa mer d'Exigenze fir d'Kanner e bésse moduléieren.

Ech wëll awer net énnerschätzen, dass all Joer ganz vill Kanner an d'Land kommen, déi méi al sinn, fir dass se iwwerhaapt nach kënnen an d'Primärschoul goen. Pro Joer 700 ongefénier, säit mir dat moossen, dat ass elo sät ech do sinn, déi méi al wéi 13 Joer si wa se op Lëtzebuerg kommen an déi oft keng Sprooch vum Land kënnen. Fir déi maache mer eng Offer, wou se dann an enger Sprooch, entweder op däitsch oder op franséisch scolariséiert ginn, an do soe mer, do geet d'Exigenz vun der Qualifikatioun, dass se wa méiglech eng Berufsausbildung kréien, iwwert déi vum Multilinguismus.

Duerfir soen ech, d'Exigenz fir déi Sprooche wëlle mer oprechterhale fir Kanner, déi vun Ufank u scolariséiert ginn, mä wann et drëm geet engem eng Chance ze gi fir an e Beruff ze kommen, da këinne mer dorobber verzichten. Duerfir hu mer jo och d'Offer vu Formatiounen am Franséischen ausgekehnt. De BAC international ass niewent de Formations professionnelles op franséisch, mä mer maachen de BAC international an der öffentlecher Schoul op englesch, an ech denken, dass een an déi Richtung muss weidergoen. Gutt, no all désen Erklärunge wëll ech lech nach Merci soe fir déi breet Zoustëmmung zu désem Gesetz.

Merci.

M. le Président. - Merci, Madame Minister. Léif Kolleginnen a Kolleegen, ech géif proposéieren, dass mer elo iwwert déi dräi Projeten, déi zwee, déi mer géschter

diskutéiert hunn iwwert den Enseignement fondamental an iwwert d'Léierpersonal an dann och dee vun haut de Moien, ofstëmmen. Fir d'éischt dann de Projet de loi 5759 iwwert d'Organisatioun vum Enseignement fondamental.

4. 5759 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental (suite)

Amendement 1

Mir si konfrontéiert mat engem Amendement vum honorabelen Här Berger betreffend eng Rei vun Artikelen. Dësen Amendement, deen némmen eng Énnerschrëft dréit, gëtt énnerstëtzzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens.

Den Här Berger ass d'accord, fir dass mer déi Émännerung vun deenen Artikelen, déi hie proposéiert, als een eenzegen Amendement considéréieren. Also huele mer och némnen ee Vote dorriwwer. Da musse mer ofstëmmen iwwert den Amendement, deen den Här Berger proposéiert huet, betreffend d'Artikelen 7, 8, 11, 12, 52, 54, 57, 60 an 68.

Vote

Déi, déi d'accord si mat dësem Amendement, stëmmme mat Jo, déi aner mat Neen oder mat Enthalung.

Den Amendement ass ofgelehnt mat 38 Nee-Stëmmen, bei 15 Jo-Stëmmen a véier Enthalungen. D'Artikelen 7, 8, 11, 12, 52, 54, 57, 60 an 68 bleiwen also énnert däi Form bääbehalen, wéi d'Kommissiou se virgeschloen huet.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Norbert Haupert), MM. Ali Kae, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Laurent Mosar), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel (par M. Patrick Santer), Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Mir stëmmen dann of iwwert de Projet de loi 5759 als Ganzes.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi ass ugeholl, Madame Minister, mat 38 Jo-Stëmmen, bei 20 Nee-Stëmmen a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kae, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Patrick Santer), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

5. 5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental (suite)

Mir kommen dann zum Projet de loi 5760 iwwert d'Léierpersonal.

Amendement 1

Och hei si mer konfrontéiert mat engem Amendement vum Här Berger betreffend den Artikel 26. Och dësen Amendement dréit némmen eng Énnerschrëft a gëtt énnerstëtzzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens.

Déi verschidde Propositiounen, déi geommaach ginn, sinn och een Amendement. Mir stëmmen iwwert den Amendement of.

Vote

Den Amendement ass ofgelehnt, Här Berger, mat 16 Jo-Stëmmen, 38 Nee-Stëmmen a véier Abstentiounen.

» Une voix. - Dat ass knapps!

» M. le Président. - Ech weess net, ob dat knapps ass.

(Interruptions)

Den Artikel 26 bleift also an däi aler Form bääbehalen.

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Eugène Berger), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kae, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

Ont voté oui: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Fernand Etgen), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), MM. Ali Kae, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kae, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par Mme Christine Doerner), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Marcel Oberweis), MM. Ali Kae, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Mir sinn, wat dése Projet ubelaangt, och mat engen Motioun, déi den Här Berger déposéiert huet, konfrontéiert. Dés Motioun dréit némmen eng Énnerschrëft a gëtt énnerstëtzzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens. Mir stëmmen iwwert den Amendement 1.

Vote

Këinne mer par main levée iwwert déi Motioun ofstëmmen?

(Assentiment)

Da stëmmme mer par main levée of. Wien ass d'accord mat der Motioun vum Här Berger? Wien ass dergéint?

Mat grousser Majoritéit ass d'Motioun dann ofgelehnt.

6. 5758 - Projet de loi relative à l'obligation scolaire (suite)

Mir kommen zum Vote iwwert de Projet vun haut de Moien.

Amendement 1

Och do hu mer en Amendement vum Här Berger, betreffend d'Artikelen 4 a 5. Dësen Amendement gëtt och énnerstëtzzt vun der Madame Flesch a vun den Hären Etgen, Meisch a Goerens. Mir stëmmen of iwwert den Amendement 1.

Vote

Den Amendement ass ofgelehnt mat 37 Nee-Stë

Den honorabelen Här Adam huet e Vote séparé gefrot, wat eng Rei vun Artikelen ubelaangt. Frot Dir de Vote électronique dorriwwer?

(Assentiment)

Also, et ass e Vote séparé ugefrot, fir d'éischt, wat den Artikel 4 ubelaangt.

Vote séparé de l'article 4

Mir stëmmen also elo of iwwert den Artikel 4, ob mer mat deem d'accord oder net d'accord sinn.

Den Artikel 4 ass ugeholl mat 41 Jo-Stëmmen, bei 17 Nee-Stëmmen a kenger Enthalung.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Christine Doerner), MM. Ali KAES, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Jean Huss, Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

M. Jacques-Yves Henckes.

Dann ass e Vote séparé gefrot ginn iwwert den Artikel 5. Mir stëmmen dorriwwer of.

Vote séparé de l'article 5

Och deen Artikel ass ugeholl, dës Kéier mat 42 Jo-Stëmmen, bei 16 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Norbert Haupert), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Ali KAES, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Ont voté non: MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

Mir kënnen dann ofstëmmen iwwert de Projet de loi 5758 als Ganzes.

» Une voix. - Ee Moment, Här President. (Interruptions diverses)

» M. le Président. - Mir hunn décidéiert, dass déi Artikelen do am Text dra bleiwen, esou wéi se proposéiert waren.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Elo stëmme mer iwwert de ganze Projet de loi en tant que tel of.

De Projet de loi, Madame Minister, ass ugeholl mat 52 Jo-Stëmmen, bei siwen Abstentiounen a kenger Géigestëmm.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Christine Doerner), MM. Ali KAES, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaaf, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Paul-Henri Meyers);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydia Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par M. Charles Goerens), MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Paul Helminger), Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen (par M. Jacques-Yves Henckes), Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat, Dir Dammen an Dir Hären, hu mer eng grouss Reform ofgeschloss a gestëmmt, esou datt déi a Kraift triede kann.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi iwwert de SCRIPT. Et sinn ageschriwwen: den Här Sunnen, den Här Berger an den Här Adam. D'Wuert huet den honorabelen Här Scheuer, de Spezialist an dëser Matière, fir eis de Rapport ze maachen.

Ech géif den Här Mosar bidden, kuerz d'Présidence ze iwwerhuelen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

7. 5847 - Projet de loi portant modification

1) de la loi du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un Centre de Technologie de l'Éducation; c) l'institution d'une Commission d'Innovation et de Recherche en Éducation;

2) de la loi modifiée du 25 juin 2004 portant organisation des lycées et lycées techniques;

3) de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle

» **M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.** Merci, Här President, fir déi aleedend Bemierkung an d'Presentation.

Dir Dammen an Dir Hären, och dat hei Gesetz ass en Element vun der Schoulreform. De Projet de loi 5847 änner d'Gesetz vun 1993 ém. An deem Gesetz war de SCRIPT geschaft ginn: de Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques - etc., wat alles nach an deem Gesetz dra war.

De SCRIPT huet d'Missioun, fir sech mat der Primärschoul ze befaassen, awer en huet

och a senger Missioun d'Chaperonnierie vun de Lycéeën. De SCRIPT ass also eng Institutioun, déi de ganze Lëtzebuerger Enseignement ofdeckt.

Den Dépôt vum Gesetz ass am Februar 2008 gemaach ginn. Mir haten en Avis virleien am Abrëll scho vun der Chambre des fonctionnaires et employés publics an och vun der Chambre des Employés privés. De Statsrot huet zwee Avisen ofginn. Den Avis complémentaire hu mer am November kritt.

Zu de parlamentareschen Aarbechten: Mir hunn eis an dräi Sitzunge mat dësem Gesetz befaasst an de Rapport hu mer uganks Januar, de 7., ugeholl.

Den Objet vun dësem Gesetzesprojet. De Projet de loi schaafft eng Instanz, déi iwwert dem Schoulalldag steet. Ech wëll et emol esou formuléieren. E schaafft awer och eng Instanz, déi gläichzäiteg helleft, de schouleschen Alldag ze géréieren. Déi Instanz kritt dann duerch dat Gesetz hei e Statut. Den Haaptobjet vum Gesetz also ass d'Reorganisatioun vum SCRIPT, dem SCRIPT als véierte Pilier vun der Reform.

Wann Dir de Rapporten nogelauschert hutt, déi mer presentéiert hunn an der Chamber, da wësst Der, datt déi Gesetzer, déi mer ofgestëmmt hunn, allegueren eng Verbindung téschent der Schoul an dem SCRIPT beinhalten. De SCRIPT ass déi Daachorganisatioun, dat Daachinstitut, un dat d'Léierpersonal sech wenne kann, ass dat Institut, wat kuckt, wéi de Lëtzebuerger Enseignement evolueiert, an ass dat Institut, wat och dann de Lëtzebuerger Enseignement beréit.

D'Acteure vum Terrain si mam SCRIPT net konfrontéiert, mä befaasste sech mam SCRIPT a vice versa. Am Enseignement fondamental sinn dat d'Équipen, d'Gemenschen, eenzel Enseignants, et ass d'Équipe multiculturelle zum Beispill, an et ass virun allem awer och d'Inspektorat, wat en Usprichtpartner am SCRIPT huet a vice versa.

Den Aktiounsradius respektiv d'Missiounen vum SCRIPT loosse sech an dräi grouss Beräicher énnerdeelen. Éische grousse Beräich ass d'Innovatioun an d'Recherche, zwee grousse Beräich ass d'Entwicklung an d'Erhale vun der Qualitéit am Lëtzebuerger Schoulwiesen, an drëtte grousse Beräich ass d'Weiderbildung vun Personal, wat am Enseignement täteg ass. A wann een dat seet, da beinhalt dat Personal souwuel d'Enseignantë wéi och d'Éducateurs.

Doraus ergëtt sech logescherweis dann och en entspreechenden Opbau vum SCRIPT, dee mer an dräi Divisiounen opgebaut hunn. An déi Divisiounen si vunnee getrennt.

Éische Divisioun: Een Deel vum Service ass zoustänneg fir pedagogesch Innovatioun, aus der Erkenntnis eraus - an dat ass keng nei -, datt d'Schoul keng statesch Institutioun ass, datt se evolueiert, datt et eng Institutioun ass, déi beaflosst gëtt vu baussen an déi sech upasse muss. Dat ass den Objet vun all deene Gesetzer, déi mer gestëmmt hunn. D'Schoul léiert selwer bai aus deene Feeler, déi se mécht, an aus deem, wat se gutt mécht. Se baut op der eegener Erfahrung a se baut op der Praxis.

De SCRIPT „géréiert“ elo déi noutwendeg Upassungen - mer kënnne géréieren téschent Guilletmeté setzen -, déi sech aus deenen doten Erkenntnisser erginn, déi um schouleschen Terrain bemierkt ginn. An zwar - ech mengen, géréieren ass de gudden Ausdrock - heescht dat, eng Situationsouni Hekikt kucken, ouni an d'Gefor ze verfalen, hektesch Generalisatiounen ze vollzéien, Experimenter ze generaliséieren, etc. Dat heescht, de SCRIPT huet als Missioun, d'Kohärenz vum Lëtzebuerger Schoulsystem ze observéieren an ze garantéieren. De SCRIPT behält seng Missiounen, déi hien am 93er Gesetz kritt huet. E sammelt d'Expertisen, e koordinéiert dann déi pedagogesch Praxis. Bref, de SCRIPT ass den Usprichtpartner fir d'Enseignants an hirer pedagogescher Aarbecht. Dat gëllt souwuel fir den Enseignement fondamental wéi och fir de Secondaire.

Fir de Moment, hu mer gesot kritt, schafft de SCRIPT virun allem um Konzept vun de Kompetenzen an och un der Praxis vun de Socles de compétences. Dat zur éische Sektion.

Déi zweet Sektion oder Divisioun ass en charge vun der Qualitéitskontroll. Wann Experienzen ausgeweit ginn, da bestëet d'Gefor respektiv ass dat eng permanent Angscht, datt ze fréi generaliséiert gëtt. Do kéint een dee berühmten Term gebrauchen: Angscht virun der „Reformitis“. De SCRIPT soll genau déi Angscht verhënneren, d'Opkomme vun dår Angscht verhënneren,

soll derfir suergen, datt geregelt Prozeduren agehale ginn, datt geregelt ugepasst gëtt a reforméiert gëtt.

Do soll ee mat engem Méssverständnis optraumen, wat ganz oft optaucht: Wann een Evaluéierung seet, da gëtt et zwou Méiglechkeeten, fir dat ze iwwersetzen. Dat Éischt ass den Term „Bewäertung“. Dat Zweet ass en Term, dee mir besser gefält: den Term „Auswäertung“. Wann ee Bewäertung seet, dann huet dat émmer esou eng normativ Connotatioun, wou ee Punkten ausdeelt a seet: Du hues dat schlecht gemaach. Du hues dat gutt gemaach - etc. Hei soll eng objektiv, eng wéissenschaftlech Analys gemaach gi vun deem, wat um Terrain leeft, wat um Terrain experimentéiert gëtt, an et soll net a priori u Selektioun geduecht ginn. Dat fir déi Leit ze berouegen, déi fäerten, datt elo eng Reformitis ausbrécht an initiéiert gëtt vum SCRIPT. Déi wéissenschaftlech Missioun an Ausrichtung an och déi Aart a Weis, wéi de SCRIPT opgebaut ass - dorop kommen ech nach -, ass d'Garantie, datt dat net geschitt.

De Conseil supérieur hat virgeschloé fir de SCRIPT opzedeelen an zwee grouss Beräicher, op dår engen Säit - just fir dat doten ze verhënneren - ee Beräich, dee sech just befaasst mat der Auswäertung vun der Qualitéit, an eng aner Divisioun, eng aner Sektion, déi mat der Entwicklung vun der Qualitéit befaasst gëtt, fir déi verschidde Secteuren auserneenzechalen. Och dat ass eng wéissenschaftlech an intellektuell éierlech Approche.

E puer Wuert dann zu dem Mode d'évaluation, well dat jo awer och e Schlüsselbegräff ass an all deene Gesetzer, virun allem am Gesetz iwwert d'Grondschoul. Et gëtt eng extern Auswäertung an et gëtt eng intern Auswäertung. Déi extern Auswäertung soll gemaach ginn net vum SCRIPT selwer, mä vun onofhängegen Organismen an Institutiounen. An dësem Fall ass dat virun allem d'Uni Lëtzeburg; op déi kommen ech nach zréck.

Mä firwat net och extern zréckgräifen op auslännesch Organisatiounen? Dat hu mer jo scho gemaach a mir ginn och gezwongen et ze maachen. Mir participéieren un Evaluatiounen, déi eis dann a Konkurrenz setze mat Schoulsystemer an eiser Noperschaft a wäit dorriwwer eraus.

Et gëtt eng Agence pour le développement de la qualité de l'enseignement. Déi huet als Objektiv, als Missioun, fir d'Schoulen an d'Lycéeën ze betreien. Éischtens, bei der Analys vun hiren internen Evaluatiounen. Déi muss jo och um Terrain selwer geschéien a kann net einfach als Donnée weidergereecht ginn un déi Daachorganisatioun SCRIPT, mä dorauer müssen och Konklusjounen interner Natur gezu gi fir déi eenzel Etablissementer.

Déi Missioun weist awer och konkret, datt se beim Opbau vum Plan de réussite scolaire dénglech ass. Dee Plan de réussite scolaire ass ee wichteg Element ass vum neien Enseignement fondamental. Si ass och behëlflech, wa Schoule Projets d'école opstellen, a vun deene Projets d'école hänkt jo ganz vill of, och an de Relationen téschent de Gemengen an dem Stat.

Et ass selbstverständlich, datt déi Agence och déi Informatiounen, déi se huet, weidergëtt an datt se derfir suergt, datt en Austausch och stattfénnet téschent dem Lëtzebuerger Schoulsecteur an den auslännesche Schoule Projeets d'école hänkt jo ganz vill of, och an de Relationen téschent de Gemengen an dem Stat.

Dann zur externe Evaluatioun, déi ech och schonn ugeschnidden hunn. Mir hunn de groussen Avantage bei désser Schoulreform, datt mer se begleede loosse vun der Uni Lëtzeburg. A wéi ganz oft ass nach an de Käpp vun de Leit d'Iddi, datt d'Uni Lëtzeburg eng staatlech Institutioun ass, en Deel vum Lëtzebuerger staatleche Schoul-system. Dat ass net wouer! D'Uni Lëtzeburg ass autonom. Mir können zréckgräifen op hiren Know-how, mä d'Uni Lëtzeburg ass dann en externe Partner an der Evaluatioun vun eisem Schoulsystem.

Do gëtt et dann och nach eng Institutioun oder e Service, deen nennt sech EMACS. Dat ass, wéi mer d'leschte Kéier scho gesot kritt hunn, op Englesch „educational